**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (16.01.2019)**

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 JAN. 2019
203

Lëtzebuerg, den 15/01/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

An de leschte Méint si Stëmme beim Syndicat National de la Police Grand-Ducale méi haart ginn, déi op gewëssen Dysfonctionnementer bei eiser Police verweisen. Op Nofro hin huet d'SNPGL eis informéiert, dass fir de reguläre Fonctionement vun der Police ze garantéieren, ëmmer erëm misst géint den Artikel 13 vum Gesetz vum 1ten August 2018 iwwert "fixation des conditions et modalités d'un compte épargne-temps dans la Fonction publique" verstouss ginn. Déi an dësem Gesetz virgesinne Bestëmmungen zur Aarbechtszäit an d'Reegelunge vun de Pausen kéinte bei der Police oft net agehale ginn, soudass d'Policebeamten hiren Déngscht deelweis an der Illegalitéit leeschte missen. Esou soll z. B. déi mam Artikel 18-42018 festgehale Limitt, vu mindestens 11 Stonne Paus tëscht zwou Schichten, an de Centres d'Intervention zu Esch-Uelzecht an zu Lëtzebuerg reegelméisseg net respektéiert gi sinn. An dëst ass nëmmen ee vu ville Beispiller, déi eis rapportéiert goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Kënnen déi Häre Ministeren erklären, firwat d'Police, fir ze fonctionnéieren, géint Bestëmmungen zur Aarbechtszäit verstouss huet?
- Wéi vill Fäll goufen et am Joer 2018, opgelëscht no Mount, an deene Policebeamten op engem Schaffdag méi wéi 10 Stonne hu misse schaffen?
- Wéi vill Fäll goufen et am Joer 2018, opgelëscht no Mount, an deene Policebeamte kee Repos vu mindestens 11 Stonnen tëscht zwou Schichten krut hunn?
- Wéi vill Fäll goufen et am Joer 2018, opgelëscht no Mount, an deenen déi 35 Stonne Repos hebdomadaire vum Artikel 18-5 net respektéiert goufen?
- Wéi vill Fäll goufen et am Joer 2018, opgelëscht no Mount, an deene Policebeamte méi ewéi 48 Stonnen d'Woch hu misse schaffen?
- Wéi eng Mesurë gedenkt d'Regierung ze treffen, fir des Gesetzesverstéiss ze ënnerbannen an trotzdeem de reguläre Fonctionnement vun der Police ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 16 janvier 2019

Objet : Question parlementaire n° 203 du 15.01.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Temps de travail de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés